



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7494 vum 20. Januar 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Rei Froen am Zesammenhang mam Délai deem d'Leit hu, wann de Minister, op Ufro vun engem Dokter aus der Commission médicale, am Kader vun engem Führerschäinsdossier, e rezente psychiatresche Rapport freet, deem am Detail attestéiert, dass et bei der betraffener Persoun keng medezinesch Conter-Indikatioune gëtt, fir mat engem motoriséierte Gefier op der Strooss kënnen ze fueren.

Dëse Standard-Délai vu 4 Wochen, dee bei alle Courriere virgesinn ass, wann den Dokter vun der Commission médicale am Kader vun engem Führerschäinsdossier en Avis vun engem Spezialist freet, ass eng intern administrativ Richtlinn. D'Erfahrungswärter weisen, dass déi grouss Majoritéit vun de Leit kee Problem huet fir de gefroten Avis an dëser Zäit eran ze reechen. Wëll et awer ëmmer mol virkomme kann, datt een an dësem Délai kee Rendezvous bei engem Spezialist konnt kréien, gëtt et an dësem Zesammenhang dofir eng gewëssen administrativ Kulanz. Op all Courier steet ëmmer eng Kontaktpersoun bei der een sech melle ka wann ee Problemer huet e Rendezvous ze kréien. Den Datum vum Rendezvous deem d'Leit eis da matdeelen gëtt dann am Dossier notéiert an den Dossier gëtt sou laang en Suspens gehal bis d'Leit de gefroten Certificat brénge kënnen.

Wann d'Leit sech net sollte mellen, gëtt no ongeféier 6 Wochen automatesch e Rappel geschéckt. Spéitstens bei dësem Rappel reagéieren dann déi meescht Leit andeem si e Feedback zu hirem Rendezvous ginn. Well den Délai vu 4 Wochen net konnt gehale ginn, ass deemno nach ni enger Persoun de Führerschäin net ëmgeschriwwe respektiv ofgeholl ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch